

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Säit der Rentrée no der Ouschtervakanz sollen an de Schoulen all Dag flächendeckend Antigen-Schnelltester duerchgefouert ginn. D'Kanner sollen des Tester selwer ënnert der Observatioun vum Léierpersonal virhuelen.

Vum Terrain gouf mir d'Packungsbäilag vun engem vun dëse Schnelltester iwwerrecht. Beim Duerchliese stéisst een an der Kategorie "Einschränkung des Verfahrens" op folgende Punkt: 2) "Das Produkt wird verwendet, um das SARS-COV-2-Antigen der klinischen Probe zu testen". Ënnert der Kategorie "Vorbeugemaßnahmen" fënnt een ënnert dem Punkt 1) da folgend Instruktioun: "Der Test ist nur von Fachleuten für eine In-Vitro Hilfsdiagnose anzuwenden". Am Punkt 5 vun der nämmlecher Kategorie fënnt sech schliisslech nach des Uweisung: "Tragen Sie bitte beim Testen Schutzkleidung, klinische Maske, Handschuhe und Schutzbrille".

Am Artikel "Die Test Illusion", deen an der Editioun Nummer 16 2021 vun der däitscher Wochenzäitschrëft "Der Spiegel" publizéiert ginn ass, heescht et ausserdeem: "Dabei taugen die Antigentests gar nicht für das Screening in Schulen, Betrieben oder gar der ganzen Bevölkerung. Denn das, was wir uns von ihnen erhoffen, können sie ziemlich schlecht. Sie erkennen gerade einmal durchschnittlich 58 Prozent der symptomlos Infizierten, ergab eine Übersichtsstudie der unabhängigen, internationalen Cochrane Collaboration, die Studien zu gängigen Schnelltests analysiert hat. Und das nur bei professionellen Probeentnahmen. Und: bei Erwachsenen". Weider féiert de "Spiegel" aus, datt bei Schoulkanner bis 14 Joer, laut enger Etude vum Mikrobiolog Michael Wagner vun der Uni Wien, bis zu Dréi-Véirel vun den Infektioune kéint iwwersi ginn. Dat däitsch Robert-Koch-Institut huet bei separaten Ënnersichunge schliisslech festgestallt, datt déi Tester beim Asaz an der Urgence vun engem Spidol just 39 Prozent vun den asymptomatesch Infizierten identifizéiert hätten, sou de "Spiegel". D'Tester hätten deemno zum engen eng héich falsch-negativ Rate.

Zousätzlech soll awer och d'Zuel vun de falsch-positive Resultater bei den Antigen-Schnelltester nom Rapport vun der Cochrane Collaboration änlech héich sinn. Bis zu dräi Véirel vun den Tester wou eng Infektioun festgestallt gëtt, kënnen deemno falsch-positiv sinn.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Schoulminister:

- 1) Wéi eng Schnelltester komme konkret an de Schoulen zum Asaz a wéi ass séchergestallt, datt des och ouni Gefor vun de Schoulkanner kënne benotzt ginn? Wien haft duerfir, falls e Kand sech opgrond vun enger mësslongener Uwendung vun engem Test géif verletzen?
- 2) Wéi fléisst déi potenziell Donkelziffer an d'"COVID-Strategie" vun der Regierung an de Schoule mat an?
- 3) E positiven Test bedeit fir de betreffene Schüler, fir seng Elteren, fir d'Léierpersonal an och fir d'Direktioun vum Gebai ëmmer eng zäitlech a psychologesch Zousazbelaaschtung. D'Kanner gi kuerzfristeg aus hirem Ëmfeld gerappt, d'Eltere mussen hir Aarbechtsplaz méiglecherweis kuerzfristeg verloossen an et ka kee soen, wéi schwéier de Krankheitsverlaf wäert ausfalen. Wéi verantwort d'Regierung de Fait, datt d'Leit an de Schoulen a besonnesch d'Kanner deem Stress lo och nach potenziell duerch e falsch-positiven Test kënnen ausgesat ginn? Gouf hei eng Ofwägung vum medezineschen Notzen an der psychologescher Belaaschtung virgeholl?
- 4) Gëtt déi offiziell Statistik vun den Inzidenzen nodréiglech redresséiert, wann e Fall an de Schoulen sech als falsch-positiv erausstellt? Gëtt dës Korrektur ëffentlech kommunizéiert?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 28 juin 2021

Réf. : 838xc268f

Concerne: Question parlementaire n°4264 du 11 mai 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et de la soussignée à la question parlementaire n°4264 du 11 mai 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant « Tests rapides de dépistage de la Covid-19 utilisés dans les écoles ».

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX
Premier Conseiller de Gouvernement



Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire n°4264 du 11 mai 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant « Tests rapides de dépistage de la Covid-19 utilisés dans les écoles »

Wéi eng Schnelltester komme konkret an de Schoulen zum Asaz a wéi ass séchergestallt, datt des och ouni Gefor vun de Schoulkanner kënnen benotzt ginn? Wien haft duerfir, falls e Kand sech opgrond vun enger mësslongener Uwendung vun engem Test géif verletzen?

An den Schoulen kommen Tester vun der Firma Beijing Lepu Medical Technology Co., Ltd. an den Asätz, een SARS-CoV-2 Antigen-Schnelltest deen iwwert een Ofstréch „nasal“, vir an der Nues realiséiert gëtt. Des Tester sinn vun verschiddenen Institutiounen évaluéiert ginn an fir gutt befonnt ginn fir dass „Laien“ an also och Kanner dësen Test ouni Weideres duerchféieren kennen. Et gëtt och drop verwisen dass dësen och breetflächleg an den éisterräicheschen Schoulen agesat gëtt.

Virum Asaz vun de Schnell-Selbsttester um nationale Niveau an de lëtzebuerger öffentleche Schoulen gouf vum 24. Mäerz bis den 2. Abrëll 2021 eng Pilotphase vun de Schnell-Selbsttester a véier Grondschoulen an zwee Lycéeën organiséiert. Nodeems des Testphase mat engem positive Fazit konnt ofgeschloss ginn, goufen déi fräiwëlleg Schnell-Selbsttester an allen öffentleche Grondschoulen agefouert.

Fir de Kanner d' Angscht ze huelen an och den Eltere kloer opzeweisen, wéi esou ee Schnell-Selbsttest ofleeft, hunn d' Schüler, déi un de Schnell-Selbsttester Deel huelen, hiren éischten Test doheem mat hiren Elteren ëmgesat. No dësem éischten Test maache Schüler aus dem Cycle 1 hiren Test weiderhin doheem, während d' Schüler ab dem Cycle 2 hiren Test an der Schoul ënnert der Supervisioun an der mëndlecher Begleitung vun engem Enseignant duerchféieren.

Fir d' Schüler beschtméiglech kennen ze ënnerstëtzen, gouf d' Léierpersonal op d' Duerchféierung vun den Tester an de Klasse virbereet a mat den néidegen Informatiounen heifir versuergt. Zousätzlech gouf en kuerzen, kannergerechte Video erstallt, deen de Schüler an einfache Wieder d' Ëmsetzung vun Test erkläert. Dës zousätzlech Informatiounen esou wéi d' Surveillance vun de Schüler duerch en Enseignant während der Duerchféierung vun den Tester minimiséieren de Risiko vun enger mësslongener Uwendung.

Sollt e Kand sech opgrond vun enger mësslongener Uwendung vun engem Test verletzen, géif d' Responsabilitéit vum Staat invoquéiert ginn.

Wéi fléisst déi potenziell Donkelziffer an d' "COVID-Strategie" vun der Regierung an de Schoule mat an?

D' Technologie vun den Schnelltester bedéngt dass déi Tester net genau sou effikass sinn wéi PCR Tester, also eng manner gutt Sensitiviteit an Spezificiteit hunn wéi PCR Tester. Déi einfach Uwendung an dat schnell Resultat maachen des Tester awer zu enger gudder komplementärer Léisung zu den PCR Tester, well een hei ob Plätzen testen kann wou een dat mat den PCR Tester méi schwéier oder guer net maachen konnt. En Complément zu den PCR Tester hëlleft eis dat, fir Donkelziffer nach méi kleng ze kréien, an méi Infektiounen ze identifizéieren, och wann nett ausgeschloss ka ginn, dass dës Tester positiv Infektiounen kënnen iwwersinn.



E positiven Test bedeit fir de betraffene Schüler, fir seng Elteren, fir d'Léierpersonal an och fir d'Direktioun vum Gebai ëmmer eng zäitlech a psychologesch Zousatzbelaaschtung. D'Kanner qi kuerzfristeg aus hirem Ëmfeld gerappt, d'Eltere müssen hir Aarbechtsplaz méiglecherweis kuerzfristeg verloossen an et ka kee soen, wéi schwéier de Krankheetsverlaf wäert ausfalen. Wéi veräntwert d'Regierung de Fait, datt d'Leit an de Schoulen a besonnesch d'Kanner deem Stress lo och nach potenziell duerch e falsch-positiven Test kënnen ausgesat ginn? Gouf hei eng Ofwägung vum medezineschen Notzen an der psychologescher Belaaschtung virgeholl?

Kanner an Léierpersonal, genau wei vill aner Leit sinn säit Ufank vun der Pandemie enger Zousatzbelaaschtung ausgesat. Tester an den Schoulen sollen zum engem nei Infektiounen identifizéieren an zum aneren och zu méi Sécherheet an Sécherheetsgefill bäidroen. Am groussen an ganzen sinn Kanner ganz positive vis-à-vis vun den Tester agestallt, huelen dat gutt un an schéngen net besonnesch ënner Stress ze stoen. Des Tester hunn een Notzen well des zousätzlech Moosnam eis wieder hëlleft des Pandemie besser ënner Kontroll ze kréien an ze halen. D' Regierung gëtt sech extra Moosnamen an dëser Pandemie fir sou gutt wie méiglech doduerch ze kommen, ouni weider Restriktiounen, wéi z.B. Schoulen zou maachen, müssen ze etabléieren.

Fir de Schüler wichteg Informatiounen iwwert de Virus an déi richteg Verhalensweise méi no ze bréngen, gouf den Covid-19 während de leschte Méint och am schoulesche Kontext ëmmer erëm thematiséiert. An dësem Kontext hunn déi pedagogesch Equipe beispillsweis am Kader vum Cours *vie et société* eventuell Erfarunge mam Virus thematiséiert. De Schüler gouf erkläert, datt de Krankheetsverlaf bei Kanner oft asymptomatesch ass an d' Aféierung vun de Schnell-Selbsttester an dësem Sënn haaptsächlech en präventiven Interêt huet an si soll schützen.

Am Laf vum Joer goufe weider Agente rekrutéiert, fir de Kanner am Kader vun der aktueller sanitärer Kris eng zousätzlech Ënnerstëtzung ze bidden an d'Enseignantë bei der Ëmsetzung vun Differenzéierungsmesuren ze hëllefen. An dësem Zesammenhang erlaabt de schoulesche Kontext de Kanner, de Schnell-Selbsttest an engem fir si gewinnten Ëmfeld ze maachen a gläichzäiteg, am Fall vun engem positive Resultat, vun enger individualiséierter Prise en charge ze profitéiere bis ee vun den Elteren d' Kand ka siche kommen.

Am Fall vun engem positiven Schnelltest kritt een eng Ordonnance fir een PCR Test ze maachen. Sollt dësen PCR Test dann negativ sinn, gëtt den Isolement vun der Geshondheetsdirectioun erëm opgehewen.

Gëtt déi offiziell Statistik vun den Inzidenzen nodréiglech redresséiert, wann e Fall an de Schoulen sech als falsch-positiv erausstelt? Gëtt dës Korrektur öffentlich kommunizéiert?

Et ginn 2 Aarten vun Resultater. Laborbestätegt Resultater (PCR Tester) an Antigen Tester, déi entweder vun engem Professionell de santé oder vun enger Persoun selwer (Auto test) deklaréiert ginn. Falls een Antigen Test positive ass, an den PCR Test dono negativ, an falls d'Geshondheetsdirectioun den Isolement zeréck hëlt, dann gëtt och den positiven Test aus der Statistik eraus geholl. Desweideren gëtt een positiven Antigen Test an een positiven PCR Test vun der selwechter Persoun just 1 mol gezielt.